Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Dezember 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Esou wéi et mir zougedroe gouf, gouf am Oktober op der A1, der wichtegster Verbindung mat eisem Nopeschland Däitschland, op der Bréck op Héicht vun Nidderaanwen e Chantier ugefaangen. Eng ëffentlech Affiche huet d'Enn vun den Aarbechte fir den 2. November ugekënnegt. Wéi Automobilisten, déi déi Streck reegelméisseg fueren, elo matdeelen, gouf dës Affiche mëttlerweil ewech geholl. Weiderhi gëllt awer eng geännert Streckeféierung an d'Vitess ass op 70 Stonnekilometer limitéiert, wat notamment zu Stousszäiten zu erhiefleche Verzögerunge féiert, ouni awer, datt erkennbar géifen Aarbechte virgeholl ginn. Amplaz gouf elo en dauerhafte Baustelleradar opgestallt.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, firwat déi Aarbechten, déi ursprénglech bis den 2. November annoncéiert waren, sech lo op en ëffentlech net genannten Datum verzögeren a preziséieren, bis wéini genee den Trafic nees soll normaliséiert ginn?
2) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, ob wärend dem Laf vun den Aarbechten zousätzlech technesch Erausfuerderungen identifizéiert goufen a wéi dës zu de Verzögerunge bäigedroen hunn?
3) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, ewéi déi Decisioun motivéiert ass, iwwert e Mount nom ugekënnegten Enn e fixe Baustelleradar opstellen ze loossen? Falls op dëser Plaz effektiv opgrond vum Zoustand vun der Infrastruktur e Sécherheetsrisiko besteet, wier et dann net méi sënnvoll den Ofschloss vun den Aarbechten ze prioriséieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten